Laut NAFO, sollen d'Léierpersonal dofir suergen, dass sproochlech Diversitéit als Stäerkt vum Grupp gesi gëtt. Kanner mat minoritärem mammesproochlechem Hannergrond sollen animéiert ginn sech an hirer Mammesprooch auszedrécken an och d'Léiere vum Norwegeschen/Sami solle geziilt ënnerstëtzt ginn.

«Diversity and mutual respect are seen as core values for Kindergarden. »

nafo
Nasjonalt senter for flerkulturell opplæring

study visits

Fir de verschiddenen Institutiounen, dem Léierpersonal, mee och de Famille konkret Material zur Verfügung ze stellen, huet d'NAFO iwwert déi lescht Joren eng Rëtsch Internetsitten op d'Bee gestallt, op där fir Jidderee gratis Material ze fannen ass :

an 8 Sproochen : **https://skolekassa.no/**

http://www.morsmal.no/no/ *: a 15 Sproochen*

a 40 Sproochen : **http://lexin.udir.no/bildetema/bildetema-portal/index.html?page=simple-html5&version=norwegian**

Op dëse Sitte sinn zwar e gudden Deel Donnéeën op Norwegesch, mee Villes ass och an aner Sprooche wéi Arabesch/ Russesch/ Spuenesch/ Türkësch... , déi een hei am Land jo och ëmmer erëm a senger Klass vertrueden huet.D' NAFO huet sech zousätzlech dozou och op Youtube vernetzt an do Videoe mat Billerbucherzielungen op Norwegesch eropgelueden:

https://www.youtube.com/channel/UCeSK3OARMIZJDaSzs6kd9uA

Dës Videoe kënne souwuel an de Schoulen, wéi och vun de Famille gratis genotzt ginn.

Ganz intressant hunn ech och d'Broschür *«Children in multilingual families»* fonnt.
Dës Broschür kann dem Léierpersonal als wichteg Ressource dénge bei Gespréicher mat Elteren iwwert d'mammesproochlech Entwécklung bei Kanner. Am Dokument kréie souwuel déi Professionell, wéi och d'Elteren Äntwerten op folgend Froen:

1. Kënne Kanner méi Sprooche gläichzäiteg léieren?
2. Kënne Kanner Norwegesch léieren, wann d'Elteren doheem eng aner Mammesprooch hunn?
3. Wéi eng Sprooch sollen Eltere mat hirem Kand schwätzen, wann béid Elterendeeler eng aner Mammesprooch hunn?
4. Wat heescht et, wann d'Kanner verschidde Sprooche vermëschen?
5. Wat kann ee maachen, wann d'Kanner doheem just nach Norwegesch schwätzen?
6. Wat kann ee maache fir d'Entwécklung vun der Mammesprooch ze encouragéieren?
7. Wat kann ee maache fir d'Entwécklung vum Norwegeschen ze promouvéieren?
8. Wéisou schwätze verschidde Kanner net am «Kindergarden» ?
9. Solle Kanner bilingual Ënnerstëtzung am «Kindergarden» kréien?
10. Wat geschitt wa Kanner scolariséiert ginn?

D'Broschür ass och op Englesch op folgendem Link ze fannen:

http://nafo.oslomet.no/wp-content/uploads/2013/10/Children-in-multilingual-families-NAFO-2012.pdf

conferences

Conferences - Day one
Sessioun 1 : - THE NORDIC WAY -

- **Jan Tore Sanner, Educatiouns- an Integratiounsminister vun Norwegen :**

Laut dem Educatiounsminister baséiert ECEC (Early Childhood Education & Care) an den nordesche Länner op enger laanger Traditioun an där eng ganz kloer Visioun vu Kandheet am Virdergrond steet.

Bei dëser Visioun si folgend Gedanke vu grousser Wichtegkeet:
- Kanner solle kënne Kanner sinn a bleiwen!
- Kanner sollen d'Welt dobannen an dobaussen entdecke kënnen!
- De Kanner hire Virwëtz gëif d'Fäegkeet ze dreeme stimuléieren!
- All Kand huet e Recht op Educatioun an Inclusioun!

D'Stäerkt vu «The NORDIC WAY» baséiert virun Allem op 2 Voleten:
1.- **Integratioun** : «Kindergarden» ass eng Plaz, wou all Kanner zesumme kommen. All Kand soll Norwegesch léieren an all wirtschaftlech a kulturell Barrière sollen entmächtegt ginn.
2.- Fréi Efforten an **Inclusioun** : Kanner solle léieren en Deel vun engem Grupp ze sinn. Se solle sozial Kompetenze wéi Empathie léieren an en aktive Gestalter vun hirem Liewe ginn.

conferences

Och d'Spill huet doranner eng essentiell Roll am Léierprozess a soll dofir erméiglecht, ënnerstëtzt an entwéckelt ginn.

Kanner brauchen awer virun Allem **Wuerzelen**, déi hinne Sécherheet an ee Gefill, dozou ze gehéieren, vermëttelen.

Si brauchen awer och **Flilleken** an de Courage dat Liewen ze liewen, wat se wëllen a wat se sech wënschen.

An engem Land wéi Lëtzebuerg, an deem Kanner bekanntlech ëmmer méi fréi an ëffentlechen Institutiounen ausserhalb der Famill vun ënnerschiddleche Persoune betreit ginn, kann ee sech iwwerleeën :

- Hunn eis Kanner stabil Wuerzele fir den Defise vun der Zukunft entgéint ze trieden ?

- Gi mir hinnen d'Méiglechkeet hir Flilleken auszebreeden an d'Welt ze entdecken ?

• Steffen Handal, Leader of Union of Education Norway :

Den Handal ënnersträicht : ***«Education is interlinked with our culture.»***

Mir kënnen net vu Bildung schwätzen, wa mer eis net ganz genau iwwerleeë wéi eng Valeuren eis an onser Gesellschaft wichteg sinn; wéi eng Valeure mer wëllen Oprecht halen a wéi eng mer wëllen ersetzen.

Traditiounen a **Wäerter** sinn immens wichteg am Sënn vun enger kontinuéierlecher Entwécklung. D'Kandheet muss onbedéngt verdeedegt ginn a d'Kanner sollen als Expert vun hirer eegener Kandheet valoriséiert a gesi ginn.

D'Participatioun vun de Kanner ass dobäi vu primordialer Bedeitung.

conferences

«Play is the language that all the kids speak». Am **Spill** kënne Kanner sech ausdrécken, et ass ***«a way of life»***. Am Spill ginn laut Handal en plus op eng ganz natierlech Manéier Wëssen a Wäerter vermëttelt.

Mécht een do de Lien zu Lëtzebuerg, sou kann ee sech froen :

- ***Bei all deenen dirigéierten Aktivitéiten déi mer de Kanner tëscht 0 a 6 Joer ubidden, loosse mir hinne genuch Zäit fir ze spillen ?***

- ***Wéi eng Kandheet wëlle mer eigentlech konkret fir eis Kanner?***

- ***Maache mir genuch dofir déi Visioun vu Kandheet ze schützen an ze stäerken ?***



• Paula Lehtomäki Secretary General, Nordic Council of Ministers :

D'Lehtomäki hieft hirersäits ervir, wéi wichteg et ass **Vertrauen** an e Gefill vu sozialer **Zougehéieregkeet** opzebauen. Dëst ass eng ***«responsability between generations»***.

Am Fokus steet, et fir Jidderee richteg ze maachen, fir ALL Kand. Wa Kanner vu Klengem u Vertrauen entgéint bruet kréien an d' Gefill dozou ze gehéieren, dann huet dëst op laang Dauer e positiven Effekt op hir schoulesch a mënschlech Entwécklung. ***«That's why early childhood is so important»***.

Och um Lëtzebuerger Terrain ass dëst sécher richteg. Kanner, egal wéi al, wëllen dozou gehéieren. :

Wie si meng Frënn? Wien ass meng Famill? Wien ass meng Joffer,mäi Schoulmeeschter ?

Kanner wëllen awer och, dass een hinne Vertrauen entgéingt bréngt an se als mëndege Member vun dëser Gesellschaft Wouer hëlt a respektéiert.

conferences

Integratioun

Inclusioun

Wuerzelen

Traditiounen

Wäerter

Vertrauen

Zougehéiregkeet

conferences

• Professor Tora Korsvald Queen Maud University, College of Early Childhood-Education, Norway :

Wat mécht «The NORDIC WAY» dann elo esou speziell? Engersäits ass et e Wuelfaartsstaat an deem Jiddereen déi selwecht Rechter huet a soziopedagogesch Traditioune weidergefouert ginn.

Anerersäits dominéiert awer och d'Visioun vu Kandheet aus enger holistescher Perspektiv eraus an där d'Roll vum Spill an den Aktivitéiten dobaussen an der Natur eng immens Wichtegkeet hunn.

D'Korsvald ënnersträicht : ***«Autdoor activities as a cultural value».*** Dobausse spillen a léiere si wichteg : ***«In creating a robust child subject»*** .

Wéi steet et do zu Lëtzebuerg?

Spillen eis Kanner genuch an der frëscher Loft oder geet et duer, dass e puer Drëpse falen, fir dass déi wuel verdéngte Paus oder d'Sortie an de Bësch ofgesot ginn?

Léieren dobaussen an enger oppener fräier Léierëmgéigend <-> Léieren dobannen an engem limitéierte mat Maueren definéierte Kader?



• Professor Jóhanna Einarsdóttir University of Iceland :

Och d'Einarsdóttir ënnersträicht déi national Responsabilitéit an deem si seet: ***« Early childhood is a national responsability».*** Kanner sollen **Demokratie** léieren: Wat heescht an enger Demokratie ze liewen a wéi gëtt een en demokratesche Member vun der Gesellschaft.

Dofir musse Kanner aktiv kënnen un Entscheedungsprozesser Deel huelen an net all Entscheedung vu méi Groussen ofgeholl kréien. Fir demokratesch kënnen ze handelen, muss hinnen erméiglecht ginn demo-

conferences

kratesch Erfarungen ze maachen. Kleng Kanner brauchen awer och d'Fäegkeet sech ëm anerer ze këmmeren an ze wëssen, dass ee fir si suergt. ***«Kids have the right to experience care»*** . Awer och déi **sozial a sozio- emotional Kompetenzen** dierfen net vergiess ginn. Kooperatioun, Solidaritéit, Interaktioun, Selbstvertrauen si Kärelementer an den nordesche Länner wann et ëm ECEC geet.

D'Einarsdóttir bemierkt awer och, dass et net ëmmer einfach ass, dës Käerkonzepter och um Terrain duerchzesetzen. An Zäite vu Globalisatioun an Immigratioun, streng formaliséierte pedagogeschen Approchen a standardiséierten Tester fir Jiddereen, sinn déi uewe genannten zentral Valeuren oft schwéier moossbar. ***«But we need to value the values» .***

Wéi moosse an evaluéiere mir eigentlech d'Sozialkompetenzen bei engem drä- bis sechsjärege Kand ?

- Ass dat an textueller Form iwwerhaapt méiglech a mécht et iwwerhaapt Sënn ?
- Ginn déi sou genannten Transversalkompetenzen net heiansdo ënner nieft de villen anere Kompetenzen déi am Plan d'Etudes stinn ?

• Professor Judith Wagner Whittier College/ USA

Och fir d'Wagner gehéieren zu enger gudder Kandheet, Elementer wéi Demokratie, Egalitéit, d'Fräiheet virun exzessiver Supervisioun, Kooperatioun (wäit méi wéi just Deelen an alldeeglech Ritualer imitéieren) a Solidaritéit.

Et soll ee Kanner an hirer Natierlechkeet respektéieren: ***«Respect every child when being himself»*** . Et soll een interessant Saache wéi Camping mat hinne maachen. D'Aktivitéite solle virun allem Spaass maachen an esou mann wéi méiglech Supervisioun beinhalten.

D'Wagner huet dem Publik 2 ganz einfach Froen gestallt:

- Wien huet als Kand eleng am Gaart gespillt ? Bal de ganze Sall weist de Fanger.

- Wiem seng Schüler/ Kanner spillen eleng am Gaart? E puer vereenzelt Leit strecken aus.



conferences

De Message, deen se esou wollt vermëttelen, war dem Sall séier kloer: Eis Kanner/ Schüler sinn hautdesdaags quasi dauernd ënner Supervisioun,ënnert der Kontroll vum Léierpersonal oder den Elteren.

- ***Wéi vill schränke mer eis Kanner domadder an hirer Entwécklung dann eigentlech an ?***
- ***Wéi vill Fräiraum fir natierlech Entwécklung geet duerch déi andauernd Präsenz vun engem (oder méi) Erwuessene verluer ?***
- ***Wat vermëttele mer eigentlech esou eise Kanner ?***
- ***Muss een dauernd Angscht hunn dass EPPES geschitt ?***



• Miho Taguma
Senior Policy Analyst, OECD

D'Taguma huet e klenge Saz an d'Zukunft gemaach an eis den OECD Learning Framework fir 2030 virgestallt.

Si huet erkläert, dass d'Aarbechtswelt duerch d'Entwécklung vun den neien Technologien iwwert déi nächst Dekaden wäert immens changéieren. D'Kanner/d'Schüler mussen deemno elo schonn ufänke lues a lues sech ob deen Aarbechtsmaart ze preparéieren



conferences

D'Taguma huet an deem Kontext en afrikanësche Sproch zitéiert:

«If you want to go fast. Go alone. If you want to go far, go together» . Sozialkompetenzen, zesummen eppes leeschten, sech géigensäiteg ënnerstëtze ginn an Zukunft um Aarbechtsmarché an an der Gesellschaft ëmmer méi wichteg. D'Schoule mussen dorobber onbedéngt préparéiert sinn a sech deem lues a lues upassen. D'Léieren am soziale Kontext (mat Elteren/ Enseignanten/ anere Kanner/ Gesellschaft) ass wichteg, well dëst de Schüler hëlleft gemeinsam Ziler ze erreechen. Schüler musse wëssen, dass een hinnen vertraut an eppes zoutraut. Nëmmen esou, kënne si progresséieren.

• David Edwards General Secretary, Education International (EI)

Den Edwards weist nees op d'Roll vum **Spill** hin. Kanner sollen ouni Stress kënne spillen an esou d'Méiglechkeet fir natierlecht Léieren hunn. All ze oft preparéiere mer eis Kanner just op d'Zukunft an vergiessen dobäi de Moment: ***«Prepare the child for now- not only for the future»***.

Wann een iwwert ECEC schwätzt, soll een déi mënschlech Perspektiv net vergiessen: ***«No healthy children- no healthy society»***.

Conference - THE NORDIC WAY - day one, session 1 :

https://regjeringen_live.23video.com/the-nordic-way-dag-1-1.mp4

THE NORDIC WAY - day one, next session :

> am nächste Bulletin

Mim Schütz

no Plastik

No Plastic@Deich

Schoulprojet zu Diddeleng

Plastik op e Minimum reduzéieren !

Mäin Numm ass Mim Schütz, besser bekannt als Joffer Mim, eng Joffer déi ëmmer néi Erausfuerderunge sicht an heiansdo geckeg Iddien huet.

Sou och leschte Summer, wou ech mer Gedanken doriwwer gemaach hunn wéi een och an der Schoul de Plastikverbrauch ka reduzéieren.

Zu Diddeleng kréien all d'Kanner am C1.1 vun eiser Gemeng en Bidon an eng Schmierekëscht geschenkt.

Firwat also bréngen si dann trotzdeem ëmmer déi schrecklech Plastiksfläsche mat?

Heiansdo, op Ausflich oder am Summer zum Beispill souguer 2.

Ech hunn eisem President dunn Ufanks September geschriwwen ob ech dierft a menger Klass Plastiksfläschen an a Plastik agepaakten Iesse verbidden.

De Mike, eise Prési, huet déi Iddi super fonnt an wollt, dass ech dësen, deemools nach Mini- Projet, an eiser Plenière am September just virun der Rentrée dem ganze Corps Enseignant virstellen. «Gesagt getan», an no der Pleinière huet jidderee fir dee Projet gestemmt, sou dass mär de 17.September den Eltere matgedeelt hunn, dass d'Kanner an Zukunft keng, ee Wee, Plastiksfläschen an och keen Iessen, dat a Plastik oder Aluminium agepaakt ass, dierfte matbréngen.

Elleng eis Schoul vermeit esou 63000 Fläsche pro Schouljoer!

D'Eltere waren net all vun Ufank un begeeschtert, mee mëttlerweil leeft dat awandfräi. Säit Februar bidden ech dann och an der Schoul Atelieren un, an deene mer Alternativen zum Plastik bitzen (zB Ofschminkpads, Kierf, Ofdeckunge fir Schosselen), selwer Shampoing maachen an eis em eise Schoulgaart këmmeren.

Mer ginn dobäi natierlech vun eiser Gemeng ënnerstëtzt an awer och vum SCRIPT, deen eis e Budget zur Verfügung gestallt huet, fir eis kennen e puer Bitzmaschinnen a Material ze kafen. Op dëser Platz hinnen e grousse Merci!

Dëse Projet ass mat der Zäit zu engem richtege Schoulprojet ginn, dee vun all de Léit matgedroe gëtt. Am Cycle 3 a 4 entsti grad immens flott Diskussiounen iwwert de ganze Klimawandel, iwwert d'Ëmwelt. Am Cycle 1 an 2 sensibiliséiere mer d'Kanner vu klengem un. Mer hunn och en Flashmob an eisem Schoulhaff organiséiert fir de Schülerstreik „Fridays for future" ze ënnerstëtzen.

E flotte Feedback vun Eltere war deen, dass hier Kanner si mëttlerweil ermane manner Plastiksverpackungen am Supermarché ze kafen.

Am Dezember hate mer eisen éischte plastiksfräie Chrëschtmaart, wou mer op de Spullweenchen an d'Parzeläinsgeschir respektiv de Cupsystem vun der Gemeng zréckgräife konnten.

Mer freeën eis och an Zukunft nach Platzen ze fanne wou mer Knascht a Plastik kenne vermeiden zum Beispill fir eist Schoulfest an och fir d'Material fir d'Rentrée. Op eisem Schoulfest ginn dann och dëst Joer méi vegetaresch Alternativen ugebueden.

Mim Schütz

No Plastic@Deich

RTL Reportage - Schoulprojet zu Diddeleng : Plastik op e Minimum reduzeieren !

Christoph Hochard RTL

https://www.sne.lu/mp3/noplasticdeich.mp3

RATZ FATZ RATZ FATZ RATZ FATZ

RatzFatz

Projet Schoulzeitung Nidderkuer

Am Juli 2010 koum déi éischt Schülerzeitung mam Numm RatzFatz zu Nidderkuer eraus. De RatzFatz kënnt zweemol am Schouljoer eraus, am Wanter um Enn vum éischten Trimester an am Summer am Laf vum drëtten Trimester. Am Moment schaffe mer un der Nummer 15.

D'Gemeng Déifferdeng ënnerstëtzt de RatzFatz an accordéiert e Budget fir d'Schülerzeitung an engem lokale Betrib ze drécken. D'Oplo läit bei 600 Stéck.

An den éischte Jore goufen di verschidde Beiträg am RatzFatz just a Klasse geschriwwen a vun engem Grupp vun Enseignanten zesummegestallt. Zanter zwee Joer hu mer och eng Redaktioun, déi aus Schülerinnen a Schüler aus dem Cycle 4 besteet. D'Redaktioun trëfft sech eemol an der Woch a gëtt vum Léierpersonal encadréiert.

Niewent de Beiträg, déi aus verschiddene Klasse kommen (z.B. Fotobericht vun enger Aktivitéit an der Naturschoul oder engem Ausfluch) kënnen elo och aner Themen an de RatzFatz kommen, déi eis Schüler interesséieren. D'Schüler iwwerhuelen hei eng wichteg Verantwortung well si selwer iwwert den Inhalt diskutéiere mee och d'Beiträg selwer schreiwe mussen.

Am RatzFatz ass och e Réckbléck op verschidde schoulesch Aktivitéite wéi de Virliesconcours oder de Besuch vum Kleeschen sou wéi en Ausbléck op Aktivitéiten, déi nach komme wéi eist Schoulfest.

Fred Serres

ORANGI

„ Orangi – Jidderengem seng Chance “

Virstellung vun engem neie Kannerbuch :

Den 10. Abrëll huet d‘ Joséee Bourg zu Biekerech an der Millen hiert éischt Kannerbuch virgestallt an zwar mam Titel „Orangi – Jidderengem seng Chance“.

Op dëser flotter Presentatioun huet d‘Josée Bourg zesumme mam Sophie, der verstuerwener Cellistin Lisa Berg hiert Meedchen, dem Publikum den éischten Deel vun der Geschicht mat Gesang an theatralescher Opféierung virgedroen a béid konnten op dësem Owend Jonk a manner Jonker mat hirer Performance begeeschteren.

Josée Bourg

Sophie

Virstellung vum Kannerbuch : « Orangi - Jidderengem seng Chance «

D'Orangi ass och d'Protagonistin vum Buch an ofgesinn dovunner, datt sech bei him alles ëm d'Faarf Orange dréint, ass hatt immens verdreemt an erfënnt ganz gutt Geschichten.

Mat dësen Eegenschaften a Fäegkeeten ënnerscheet hatt sech vu senge Klassekomeroden, wat net ëmmer einfach fir hatt ass.

Am Laf vun dëser Geschicht trëfft hatt op de bloe Villchen Azzurro, den Hiesche Struwwel, den Hond Goldi souwéi op de Kueb Abraxas.

Och dës 4 Déieren ënnerscheede sech ganz staark vun deenen aneren Déieren.

Mee hir op den éischte Bléck grouss Schwaachpunkten entpuppe sech am Laf vun dëser Geschicht och als hir grouss Stäerkten.

Deemno veranschaulecht dëst Buch op kannergerecht Aart a Weis firwat Toleranz, Respekt an eng Chance fir Jiddereen esou wichteg Valeuren an eiser Gesellschaft sinn.

An dat mat Figuren, déi de Kanner ganz no sinn a Sympathie bei hinnen erwächen. Dëst net fir d'lescht duerch déi flott a lieweg Illustratiounen am Buch.

Azzuro

Struwwel

Goldi

Virstellung vum Kannerbuch :
« Orangi - Jidderengem seng Chance «

Abraxas

D'Buch riicht sech u Kanner tëschent 4 an 10 Joer an ass deemno virun allem fir de Cycle 1 bis 3 gëeegent, woubäi een d'Erzielung zemools am C1 op seng Kanner upasse kann.

Vum originalen Text hir eegent et sech nämlech am beschten fir de Cycle 2-3. An dëst kann fächeriwwergräifend agesat ginn: vum Lëtzebuergeschen, iwwwer d'Vieso, d'Musek oder d'Konscht.

Zemools well een hannen am Buch Froe fir driwwer ze schwätzen an ze schreiwen, eng CD mam Text an 3 Lidder souwéi Nouten a Liddertexter fënnt. An och e puer Säiten vum komplementaren Theaterstéck zum Buch, wat sech gutt eegent fir eng Schoulvirstellung. Dat ganzt Theaterstéck kritt een iwwregens op Ufro bei der Autorin geschéckt.

Insgesamt ass dëst éischt Kannerbuch vum Josée Bourg immens gutt gelongen an stellt eng Beräicherung fir déi lëtzebuergesch Kannerbicherlandschaft duer.

Ech perséinlech géif mir wënschen, d'Orangi mat enger weiderer Geschicht erëmzegesinn oder besser „erëmzeliesen"

«Orangi , Jidderengem seng Chance »
vum Josée Bourg, 52 Säiten,
Format 246 x 246 mm, haart Deckelen,
ISBN: 978-99959-0-454-8

https://www.sne.lu/isneedit/ieditmat.php

Laurent Berck



Radio 100,7 : Invitée am Moies - Magazin , Bourg Josée

https://www.sne.lu/mp3/jbo1007.mp3

GRUNDschule

GUND - SCHULE

Über die eigentlichen Ursprünge ... der Grundschule

Die Ursprünge der Grundschule hierzulande reichen in die Mitte des 19. Jahrhunderts zurück.

Vor dem Jahre 1843 gab es weder eine gesetzliche Basis noch eine systematische Lehrerausbildung. Die Lehrer, zum größten Teil Geistliche, waren an sich Gelegenheitsarbeiter, die sehr schlecht entlohnt wurden und dazu lediglich jeweils nur ein halbes Jahr unterrichteten. Sie mussten sich somit für die übrigen sechs Monate eine völlig andere Arbeit suchen.

1815 - 1830

In denen Jahren nach dem Wiener Kongress, zwischen 1815 und 1830, unternahmen die niederländischen Autoritäten, denen unser Land damals unterstand, zwar umfangreiche Maßnahmen, doch dann brach 1830 die belgische Revolution aus, die jenen Bemühungen ein jähes Ende setzte.

1843

Im Jahre 1843 wurde erstmals eine vollständige Neuerung auf dem Gebiet des Schulwesens hierzulande eingeführt, es wurde nämlich ein Gesetz zu Gunsten des Primärschulunterrichtes verabschiedet, das eine umfassende und fachgerechte Ausbildung für die Lehrer einführte.

Da es jedoch allenthalben an Lehreranwärtern mangelte – eigentlich eine Parallele zur heutigen Situation – griffen die Verantwortlichen nach wie vor auf Geistliche zurück und räumten der Geistlichkeit deshalb weitgehende Kontrollrechte ein.

1845

Im Jahre 1845 konnte die erste Lehrernormalschule ihre Tore öffnen.

Unter dem Impuls der neuen Gesetzgebung, die weder den obligatorischen noch den kostenlosen Unterricht einführte, verallgemeinerte sich der Besuch der Primärschule an sich recht schnell.

Anfangs ließ der Schulbesuch jedoch nach wie vor sehr stark zu wünschen übrig, da die Eltern ihre Kinder des öfteren zu Hause behielten, um sie mit angemessenen Arbeiten auf dem Feld, auf der Weide und auf dem Hof zu beschäftigen.

Eine Statistik aus dem Jahre 1851/1852 nennt einen Schulbesuch von 57 Prozent, der jedoch im Schuljahr 1880/1881 auf 85 Prozent anstieg.

Dieses Gesetz aus dem Jahre 1843 führte auf dem Gebiet der schulischen Inhalte eine an sich revolutionäre Neuerung ein, nämlich den obligatorischen Französischunterricht neben der deutschen Sprache. Diese absolute Neuerung versteht sich als eine Art Gegenwehr gegen den von der Bevölkerung wie von den Politikern erachteten Überdruck Deutschlands.

In seinem Werk « La situation de l'enseignement primaire dans le Grand-Duché de Luxembourg pendant la période de 1815 à 1900 », das in Luxemburg im Jahre 1900 veröffentlicht wurde, erwähnt Th. Witry auf Seite 92 die zahlenmäßige Entwicklung der Primärschulen :

1842/43	Demnach verfügte das Land im Jahre 1842/1843 über 243 sogenannte « Écoles permanentes » und über 139 « Écoles temporaires », eine Gesamtzahl von 382.
1855/56	1855/1856 stiegen diese Zahlen bereits auf 519 bzw. 20, also auf insgesamt 539 an.
1865/66	1865/1866 zählte das Land deren 571 bzw. 13, insgesamt also 584. Zehn Jahre später,
1875/76	1875/1876 war die erstere Zahl sprunghaft auf 650 gestiegen, während die letztere lediglich noch 4 betrug, insgesamt also 654.
1884/85 **1898/99**	1884/1885 wurden lediglich 717 « Écoles permanentes » gezählt und 1898/1899 deren 769.

Das Gesetz aus dem Jahre 1843 sollte rund 40 Jahre in Kraft bleiben, bis es im Jahre 1881 gegen die Stimmen der Konservativen zu einer Erweiterung der Gesetzgebung kam dahingehend, dass die Schulpflicht auf sechs Jahre festgesetzt wurde, dass die Programme den Erfordernissen der Zeit angepasst und die Ausbildung der Lehrer der Entwicklung auf sozialem und pädagogischem Gebiet Rechnung trug.

In jener Zeit kamen immer wieder Zweifel auf, was die Einhaltung der obligatorischen Schulpflicht anbelangte. Manche Gründe wurden laut « Compte-rendu des séances de la Chambre des Députés 1880-1881 » auf den Seiten 870 und 871 dargelegt :

« Tous ceux qui, d'après la statistique, n'ont pas fréquenté l'école, soyez persuadés que ce sont tous des enfants pauvres, des enfants qui sont indispensables à leurs familles, et que le père, lorsque dans la saison rigoureuse il doit aller travailler pour procurer le pain quotidien à la famille, demandera l'assistance de son fils; ou bien, pendant que le père travaille, le fils ira au bois chercher quelques brins de bois mort pour la maigre cuisson de la famille. Voilà comment les choses se passent. Il faut voir l'intérieur de ces familles. Et alors vous puniriez le père de famille dont le travail ne suffit pas pour fournir le pain quotidien à la famille! Voilà pourquoi votre loi n'est pas pratique, voilà son principal défaut. A quoi bon faire des lois coercitives, quand on ne peut pas les exécuter? Et la vôtre, vous ne l'exécuterez pas. Les parents aisés se feront un devoir d'envoyer leurs enfants à l'école et les enfants eux-mêmes aiment à fréquenter l'école; ne croyez pas que vous ayez toujours affaire à de mauvais sujets, non, les enfants préfèrent aller à l'école. Là le fils du pauvre, le fils de l'artisan est assis sur le même banc que le fils de ceux qui sont les plus favorisés par la fortune. Là se contractent des amitiés qui durent toute la vie. L'enfant est porté par la nature aux liens d'affection, il cherche à se lier avec ses camarades, il aime à passer des heures dans une salle d'école bien chauffée, bien éclairée, à partager les jeux de ses camarades. Cela lui paraît bien plus souriant que de devoir faire d'autres travaux qui le fatiguent et qui excèdent quelquefois les forces de l'enfant».

1912 -

Eine weitere einschneidende Neuerung wurde dem bestbekannten Gesetz von 1912 einverleibt, nämlich den kostenlosen Unterricht. Außerdem wurde die Schulpflicht auf sieben Jahre ausgeweitet, in den Stundenplan wurden die luxemburgische Sprache und die Naturkunde aufgenommen sowie ein obligatorischer weiterführender Unterricht für diejenigen Jugendlichen eingeführt, die die Primärschule nach sieben Jahren verließen und in den Arbeitsprozess eintraten.

Noch vor der Verabschiedung dieses Gesetzprojektes, das von den Sozialisten und den Liberalen eingebracht worden war, kam es zu heftigsten Auseinandersetzungen, in die sich sogar der damalige Bischof Jean Koppes aktiv einschaltete, der sogar so weit ging, sämtliche Abgeordnete, die für das Gesetzprojekt gestimmt hatten, zu exkommunizieren. Obschon das mehrheitlich verabschiedete Gesetz die Stellung des Religionsunterrichts in den Primärschulen nicht antastete, wurden fortan auch die Geistlichen, die an einer Primärschule unterrichteten, zu einer Ausbildung gezwungen; **außerdem wurden die Lehrer der vormaligen Kontrolle durch die Geistlichkeit entzogen.**

Im politischen und religiösen Bereich kam es zu einem regelrechten Kulturkampf, der Großherzogin Marie-Adelheid dazu veranlasste, sich mehrere Wochen Zeit zu lassen, um das Gesetz endlich zu unterzeichnen.

Die Nachwehen dieser richtungsweisenden gesetzlichen Neuerungen sollten bis in das Jahr 1919 andauern, als die Aufmerksamkeit der Politik und der breiten Öffentlichkeit vorwiegend auf das Statut der damaligen Großherzogin gelenkt wurde, die auf Anraten insbesondere von Staatsminister Émile Reuter im Januar 1919 nach nur siebenjähriger Amtszeit abdankte und 1924 im jungen Alter von lediglich 30 Jahren starb.

Das sogenannte Schulgesetz aus dem Jahre 1912 sollte, was das Grundlegende anbelangt, rund hundert Jahre in Kraft bleiben, bis zum Jahre 2009, als eine tiefgreifende Neuausrichtung der Primärschule in einem ausgiebigen, langen Gesetz, das das Datum des 6. Februar 2009 trägt, eingeführt wurde.

- 2009

Wichtigste Merkmale sind wohl diese:

Roby Zenner

- 2019

- **Seither trägt die Schule nicht mehr die Bezeichnung Primärschule, sondern Grundschule.**
- **Einbezogen wurde die vormalige Spielschule, so dass die Grundschule in vier Zyklen von je zwei Jahren eingeteilt wurde.**
- **Weiterhin wurden sogenannte « Socles de compétences » eingeführt.**
- **Dieses Gesetz setzte auch erstmals das « Comité d'école » ein und führte ganz allgemein auch zahlreiche Änderungen ein, sowohl was das Statut als auch die Aufgabenbereiche des Lehrpersonals im allgemeinen anbelangt.**

IMPRIMERIE - EDITIONS s.à r.l.

Tous pour vos impressions:
Offset et digital

- Matériel didactique
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite / Cartes remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c / dos carré collé)
- Roll-ups
- Mise sous enveloppes / Publi postage
- Mise sous plastique
- Pelliculage matt et brillant

SNE-Editions s.à r.l.

Tél. : 48 11 18-1
www.sne.lu

11-13, rue des Ardennes | L-1133 BONNEVOIE

shop@sne.lu stephany@sne.lu

Bulletin d'adhésion : SNE / CGFP

Bulletin d'adhésion : *

Je soussigné(e) :

nom | prénom | matricule

fonction (cf tableau en bas de page) | promotion (année) | institut : IP / ISERP / UdL / Etranger

commune / localité de travail | nom de l'école

domicile : numéro | rue | code postal | localité

adresse électronique | téléphone / gsm

demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE / CGFP

Procuration : *

Je soussigné(e) :

nom et prénom | matricule | catégorie : cf tableau ci-contre

autorise par la présente le Comité Central du SNE à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon

compte numéro

auprès de CCP / établissement bancaire

date

signature

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE :
- adresse postale: B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax: 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu > rubrique "adhésion"

Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour les années 2018 et 2019 (*)

SNE/CGFP : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

catégorie	fonction	SNE	+CGFP	=Total	par mois	assurance
Cat. A Cat. A2 Cat. A3 Cat. A4 Cat. A5 Cat. A6 Cat. A7	institut. éducation préscolaire institut. ens.primairel, spécial, EST préparatoire institut. ens. ménager et familial autre ordre d'enseignement chargé(e) de direction, chargé(e) de cours chargé(e) de cours d'ens. relig. / éd. morale et sociale chargé(e) de cours (institut. sans concours)	61 €	+35 €	**=96 €**	96 / 12 = **8 €**	RCpr comprise**
Cat. B	ménage de 2 membres affiliés I : 96 € II : 81 €	61 € 46 €	+35 € +35 €	**=177€**	177 / 12 **=14,75 €**	RCpr comprise**
Cat.C	communauté:II : I : 96 € II : 81 € III : 81 € etc.	61 € 46 € 46 €	+35 € +35 € +35 € etc.	**= ..... €**	**..... €** / 12 = **..... €**	RCpr comprise**
Cat. E	étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger:			**0 €**	**0 €**	---
Cat. R	membre retraité:	59,64 €	+35 €	**= 94,64 €**	94,64 / 12 **= 7,89 €**	---
Cat. S	membre sans assurance:	59,64 €	+35 €	**= 94,64 €**	94,64 / 12 **= 7,89 €**	---

(*) Suivant statuts, la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en février seulement
(**) Montants assurés: 3 718 402,87 € par évènement assuré - 1 239 467,62 € pour dommages matériels
Assurances: LE FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE

Syndicat National des Enseignants

affilié à la CGFP

Siège social et bureaux :
11-13, rue des Ardennes
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

Téléphone : 48 11 18 -1
Fax : (352) 40 73 56

e-mail : sne@education.lu
http: // www.sne.lu
CCPL: LU 76 1111 0226 0096 0000

Adresse postale :
SNE
Boîte postale 2437
L-1024 Luxembourg

Bureaux ouverts:
de lundi à vendredi
de 8.30 à 12.00 h
et de 13.00 à 16.30 h
(sauf vacances et congés)

Ecole et Vie
(membre de l'a.p.p.l.)

Rédaction :
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg / Bonnevoie
sne@sne.lu

Parution : 6 fois par an
Distribution gratuite aux membres du SNE
Prix d'un abonnement annuel : 20 EUR
(+ frais d'envoi)

Publicité
À envoyer à l'adresse postal.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au SNE.

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du SNE.
Les manuscrits non publiés ne seront pas rendus.

Impression :
SNE - Editions S.AR.L
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

www.sne.lu

« Den iPad an der Schoul »

E Guide op lëtzebuergesch a franséisch

Wéivill iPad'en fir wéivill Kanner ?
Wat fir eng Accessoiren si fir d'Schoul sënnvoll ?
Wéi kommen d'App'en op déi verschidde Geräter ?
Wéi organiséiere mir d'Lueden, den Transport, d'Sëcheren, d'Ausléinen ?
Ass eise Wifi-Réseau staark genuch fir mat den iPad'en ze schaffen ?
Kënne mir d'Uschafung iwwert e puer Joer finanzéieren ?
Wien hëlleft eis bei technesche Problemer ?

Bei dëse Froen a villen aneren, beréit a begleet lech **LINEHEART**.

Fir méi Informatiounen a fir de Guide ze bestellen,
schéckt e Mail un education@lineheart.lu oder rufft ons un um 44 68 44 - 341.

LINEHEART
WE LIVE TECHNOLOGY

Lineheart s.à r.l. 1, rue Drosbach L-3372 Leudelange
T. +352 44 68 44 - 1 education@lineheart.lu

Solution Expert
Éducation

BANQUE N°1
DES PRÊTS IMMOBILIERS

L'HISTOIRE DE VOTRE FUTUR LOGEMENT COMMENCE CHEZ NOUS

PRÊT AU LOGEMENT. Faites confiance à la banque leader des prêts au logement au Luxembourg pour déterminer avec vous le meilleur plan de financement. Pour faire de votre projet logement la plus belle des histoires.

Plus d'informations sur **www.bcee.lu/logement**

SPUERKEESS

Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg, Établissement Public Autonome, 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775

PERIODIQUE	P&T LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG	Port payé PS/161